
# Aktivitéitebuch





Dëst Buch kënnt Dir zousätzlech als PDF op eisem Internet-Site erofluede n.
https://sneeditions.shop/shop/
ënnert der Nummer 043

Dëse Set enthält 12 einfach a lëschteg Aktivitéiten – dorënner Molen, Ausschneide vu Figuren, Bastelaktivitéiten, Stafpoppentheater, Sportaktivitéiten, Erzielungen, Labyrinth an nach villes méi, déi et de Kanner erméiglechen, sech souwuel kreativ, sportlech wéi och konzeptuell mam Buch „Wat ass dat?“ ze beschäftegen. Sicht also är Konschtutensilien zesummen, fir een Abenteuer mat äre Liblingsfiguren aus dem Muñoz Joe sengem Buch „Wat ass dat?“ ze erliewen.

# Wat ass dat?

Illustratiounen: Muñoz Joe
Text: Muñoz Joe
Iddi: Muñoz Joe / Cardoso Eliana
Korrektiounen: Urbé Simone



# Wat ass dat?

**Gruppefoto:**
De Bier wëll eng Gruppefoto mat all senge Frënn maachen. Schneit d'Déieren a Planzen aus a pech se op der nächster Säit op. Wie steet niewent wiem?

**Material:**
- Schéier
- Pech



# Wat ass dat?



# Wat ass dat?

**Deng Mauer:**

Am Buch ass eng „Tic-Tac-Toe" Partie op der Mauer ze gesinn. Wat ass op denger Mauer gemoolt? Looss denger Fantasie fräie Laf a gestalt däin eegent Mauerbild.


**Material:**

- Faarwen

# Wat ass dat?

**Dem Bier seng nei Mutz:**
Am Buch fënnt de Bier eng giel Mutz hannert der Mauer. Wéi eng Mutz géifs du dem Bier gäre ginn? Mol deng eege Mutz(en), schneit se aus a pech dem Bier se op der nächster Säit op de Kapp.

**Material:**
- Schéier
- Pech
- Faarwen









# Wat ass dat?



# Wat ass dat?

**Den Dram:**
De Bier ass ageschlof. Kanns du dir virstellen, wat hien dreemt? Mol et an d'Gedankeblos.

**Material:**
- Faarwen



# Wat ass dat?

**Mir molen ee Bier:**
Wéi cool wier et, wann s du och ee Bier mole kéints?
Lass geet et! Mir brauche just 5 Schrëtt!

**Material:**

- Waasserfaarwen (oder anerer)
- Pinsel
- Schwaarze Stëft

1. Mir fänke mam Kapp a mam Kierper un. Mol ee Krees, deen um Kierper sëtzt! Uewen ass de Kierper net sou breet wéi ënnen. Kuck genau! Looss Plaz fir zwee Aen! Een A ass méi grouss wéi dat anert.



2. Lo mole mir zwee kleng Oueren. Oppassen, d'Ouere sinn net ganz ronn! Mol se lénks a riets op dem Bier säi Kapp.





# Wat ass dat?

3. Mol de Bier mat Waasserfaarwen aus! Du kanns natierlech och aner Faarwen huelen. De Kapp an d'Ouere mools du brong an de Kierper mools du schwaarz. Benotz genuch Waasser!

4. Mol dem Bier elo Spiraläerm mat engem schwaarze Stëft a seng Patte mat bronger Waasserfaarf.





5. Am leschte Schrëtt mole mir dem Bier d'Pupillen, seng Nues a säi Mond. Wann alles dréchen ass, dann huel ee schwaarze Stëft! D'Pupille ginn e bëssi méi op d'Säit gemoolt, net an d'Mëtt vun den Aen. D'Nues mools du schéi ronn a fir de Mond mools du 5 schwaarz Punkten. Mol se net ze no beieneen! Mol d'Punkte vun enger Säit op déi aner!





# Wat ass dat?

**Tic-Tac-Toe:**
Am Buch huet de Bier keng Chance géint de Fuuss. Sich dir ee Géigner a kuckt, wie gewënnt. Falls du net weess wéi een „Tic-Tac-Toe“ spillt, da looss dir et vun engem Frënd oder engem Erwuessenen erklären.

**Material:**

- Blaistëfter an ee Gummi.
- **TIPP:** Du kanns dir och ee Blat dobäihuelen, fir méi Partien ze spillen.





# Wat ass dat?

**Labyrinth 1:**
Hëllef dem Kati Kéiseker, de Wee bis bei de Bier ze fannen.


**Material:**
- Ee Blaistëft
- Ee Gummi



**Labyrinth 2:**
De Bier wëllt erëm sprangen. Hëllef him, de Wee bis bei den Trampolin ze fannen.

# Wat ass dat?


**Material:**
- Ee Blaistëft
- Ee Gummi




# Wat ass dat?

**Memory:**
Schneit d'Kreesser op den zwou Säiten aus a spill eng gutt Partie mat engem Partner. Awer pass op! D'Déiere kucken net ëmmer an déi selwecht Richtung.

**Material:**
- Schéier




# Wat ass dat?



# Wat ass dat?

**Stafpoppentheater:**
Schneit d'Déieren aus a pech se op een Holzstäbchen (looss dir vun engem Erwuessenen hëllefen). Am Buch huet de Bier all Déier eemol begéint. Sich dir ee Partner a spill deng Liblingsbegéinung no.


**Material:**
- Schéier
- Waarmpechpistoul
- Holzstäbercher



# Wat ass dat?

**Erziel mir eppes:**
Schneit d'Würfelnetz aus a pech et zu engem Würfel zesummen. Herno kanns du würfelen. Wéi een Déier würfels du? Erziel enger Persoun alles, wat dat Déier am Buch mécht oder dem Bier seet.

**Material:**
- Schéier
- Pech



# Wat ass dat?

**De Bier brauch Hëllef:**
De Bier weess net méi a wéi enger Reiefolleg hien den Déiere begéint ass. Kanns du him hëllefen? Schreif d'Zifferen 1 bis 6 an d'Kreesser.

**Material:**
- Ee Blaistëft
- Ee Gummi















# Wat ass dat?

**Mir sprangen:**
Am Buch spréngt de Bier um Trampolin an huet richteg Spaass. Sief och du esou sportlech! Huel dir ee Würfel a sprang sou oft wéi s du würfels! Du kanns och 2 Würfelen huelen an d'Zifferen zesummenzielen, wann s du dat scho kanns. Sprang sou héich wéi méiglech! Du brauchs net onbedéngt een Trampolin fir dës Aktivitéit. Du kanns iwwerall sprangen.

**Material:**
- Würfel(en)
- (Trampolin)



# Wat ass dat?

## Nach e puer weider Aktivitéiten

- **Ee Spadséiergang duerch de Bësch:**

  Kuck a lauschter genau! Gesäis oder héiers du d'Déieren aus dem Buch?

- **Iess ee Schleek:**

  Natierlech kee richtege Schleek. Bak selwer eng Schneck mat engem Erwuessenen a looss dir et gutt schmaachen!



- **Verstoppches spillen:**

  Am Buch waren d'Punkten eemol do, dann erëm eemol net. Spill och Verstoppches! Sich dir e puer Frënn a lass geet et!

- **Imitéier alleguer d'Déieren:**

  Probéier all Déier, dat de Bier begéint sou gutt ewéi méiglech nozeafen! Kanns du d'Haule vun engem Wollef nomaachen a bass du sou flénk ewéi ee Kaweechelchen? Kanns du krauchen ewéi ee Schleek oder brëllen ewéi ee Bier…? Wie kann et besser, du oder deng Frënn?






sne éditions